Glacelidd – *Nikki Ninja*

Wat ass deng Liblingsglace?

Vanill Schockela Pistasch
Bottermëllech Mango
Kokosnoss wëll ech elo
Cornetto oder um Still
Vanill mat Schockelaszoos
Apel Aprikos
Schlumpfeglace – di blo
Liefkuch Jughurt hunn ech ni genuch
Äerdbier Framboise Bier, ech wëll Glacie iesse mat dir
Stracciatella Tiramisu, wéi eng Zort wëlls du
Maracuja mat faarwegem Zocker
Zwou Bulle Mokka
Ananas karamelliséiert mäi Kapp erfréiert
Meloun Zitroun, d'Waarden huet sech gelount
Nougat Nutella wäisse Schockela - Glace ass wonnerbar
Kiwi Litschi Schoko Chilli d'Kätti wëll Spaghetti Glace
Quetsch Knätsch a lass - ee Bananasplit
Meng éischt Wierder ware "Mama Papa Glace"
d'Nikki Ninja, kickt, rappt, mat Glace ass d'Liewe perfekt

GO Kätti! aiaia

Ech iesse gäre Glace wann d'Sonn schéngt
Oder wann et reent, d'Glace ass meng Nummer eent
Ech iesse gäre Glace wann d'Sonn schéngt
Oder wann et reent, d'Glace ass meng Nummer eent

woohoo

Mir wëlle wat? Glace
Gëff eis wat? Glace
W.e.g? Glace
Als Moiesiessen? Glace
Virum Schlofe goen? Glace Glace Glace Glace
An der Dusch? Glace
Di ganzen Zäit? Glace

Mir sinn all verschidden, wéi verschidden Zorte Glace
Deng Liblingszort ass

Pistasch Schockela Vanill

Mä all Ninja ass wonnerbar
Egal ob lues schnell
Deck dënn
Vill, net vill Frënn
Grouss kleng
Klappt an d'Hänn
d'Hoerfaarf, am Rollstull
Blann, daf
Hautfaarf
Mir gi Gas
Grouss Oueren, rout Strëmp
Mécht op Pizza Ananas
Haaptsaach mir hu Spaass
Brëll, Zanspang
Lieft an engem anere Land
Kuck wat ech kann
Ka kee Kéiss iessen
All zesummen, dat ass ee schéint Liewen

Eng Bull zwou Bull
Gëff mir méi Glace uhhhuhau
Dräi Bull 4 Bull
A lass uhhhuhau
5 Bull 6 Bull
Ech hu Bauchwéi uhhhuhau
7 Bull 8 Bull
D'Liewen ass schéin uhhhuhau

Eng Bull zwou Bull
Gëff mir mei Glace uhhhuhau
Drai Bull 4 Bull
A lass uhhhuhau
5 Bull 6 Bull
Ech kann net méi uhhhuhau
7 Bull 8 Bull

Ech iesse gäre Glace wann d'Sonn schéngt
Oder wann et reent, d'Glace ass meng Nummer eent
Ech iesse gäre Glace wann d'Sonn schéngt
Oder wann et reent, d'Glace ass meng Nummer eent